N° 7812
Entrée le 22.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.03.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Froen un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg ginn et gewësse Konditiounen déi mussen erfëllt sinn, fir dass eng Persoun an Untersuchungshaft komme ka bis zur Condamnatioun. Dëst bréngt mat sech, dass mir zu Lëtzebuerg eng héisch Unzuel u Leit an der Untersuchungshaft hunn. Eng Alternativ zur Untersuchungshaft kéint d'elektronesch Foussfessel duerstellen.

Aus der Äntwert op d'Question parlementaire n°2198 vun der CSV geet ervir, dass den Untersuchungsriichter bis dato den Artikel 107, leschten Alinea vum Code de procedure penale nach net appliziéiert huet. Dësen Artikel erméiglecht dem Untersuchungsriichter eng Persoun, déi ënnert d'Obligatioune vum Artikel 107, Alinea 2, Punkt 1, 2 an 3 fält, iwwert eng Foussfessel z'iwwerwaachen. De Bilan aus der "Legislatioun" vun der elektronescher Iwwerwaachung am Kader vu Condamnatioune war laut Regierung tëscht 2015 an 2020 duerchaus positiv. An verschiddene Fäll hunn déi Condamnéiert duerch dës Mesure net missen an de Prisong goen oder konnten éischter erauskommen.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un d'Madamm Justizministesch stellen:

- Wéi vill Persoune sëtzen zu Lëtzebuerg aktuell an Untersuchungshaft?
- Wisou appliziéieren d'Untersuchungsriichter den Artikel 107, leschten Alinea vum Code de procédure pénale an der Praxis net?
- Ass d'Regierung gewëllt, déi entspriechend Gesetzer ze adaptéiere, fir den Untersuchungsriichter méi Moyen'en am Kader vun Alternativen zur Untersuchungshaft ze ginn?
    - Wa jo, wéi a wéini?

Här President, mir bieden Iech dës Froen, mat eisem déifste Respekt unzehuelen.

**Léon Gloden**
Deputéierten

**Laurent Mosar**
Deputéierten

**Gilles Roth**
Co-Fraktiounspresident

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

N° 7812
Entrée le 25.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizministesch Sam TANSON zu der parlamentarescher Fro n°7812 vum 22. Mäerz 2023 vun den honorabelen Deputéierten Léon GLODEN, Laurent MOSAR a Gilles ROTH iwwer d'elektronesch Foussfessel**

**1. Wéi vill Persoune sëtzen zu Lëtzebuerg aktuell an Untersuchungshaft?**

Aktuell (Stand 04.04.2023) sëtzen am Ganzen 287 Persounen an Untersuchungshaft, dovunner:

- 238 Untersuchungshäftlingen am Prisong um Uerschterhaff
- 35 männlech Untersuchungshäftlingen a 14 weiblech Untersuchungshäftlingen am Prisong zu Schraasseg

**2. Wisou applizéieren d'Untersuchungsriichter den Artikel 107, leschten Alinea vum Code de procédure pénale an der Praxis net?**

D'Analys vun der Opportunitéit eng elektronesch Foussfessel unzeuerdnen ënnerläit der exklusiver Kompetenz vun de Justizautoritéiten a kann opgrond vun der Gewaltentrennung net vun der Regierung kommentéiert ginn.

**3. Ass d'Regierung gewëllt, déi entspriechend Gesetzer ze adaptéiere, fir den Untersuchungsriichter méi Moyen'en am Kader vun Alternativen zur Untersuchungshaft ze ginn?**

- **Wa jo, wéi a wéini?**

Niewt der elektronescher Foussfessel, verfügen d'Untersuchungsriichter schonn iwwert eng Panoplie vu Mesuren, déi si am Kader vun engem Contrôle judiciaire als Alternativ zur Untersuchungshaft unuerdne kënnen, dovunner zum Beispill e Kontaktverbuet zu all Persoun déi den Untersuchungsriichter designéiert, de Verbuet, de lëtzebuergeschen Territoire ze verloossen oder op verschidde Plazen ze goen, d'Obligatioun sech reegelméisseg bei der Police presentéieren, oder en Traitement ze suivéieren.

Lëtzebuerg, den 25 Abrëll 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson